



Äntwert vun der Finanzministesch Yuriko Backes a vum Minister fir bannenzeg Sécherheet Henri Kox op d'parlamentaresch Fro n° 5984 vum 24. Mäerz 2022 vun de honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser an Fred Keup

Den honorabelen Deputéierten fënnt d'Äntwert op seng éischt zwou Froen an der Tabell hei drënner.

ATTAQUES DISTRIBUTEURS A BILLETS / DAB		
1	POST NIEDERANVEN	2018
2	BIL HEIDERSCHIED	2018
3	BGL HOSINGEN	2018
4	BCEE WINCRANGE	2019
5	CRR REMICH	2019
6	POST MERSCH	2019
7	CRR WEISWAMPACH	2020
8	BIL GREVENMACHER	2020
9	BGL POMMERLOCH	2020
10	CRR WORMELDANGE	2020
11	CRR WINCRANGE	2021
12	POST BASCHARAGE	2021
13	BGL BNP BASCHARAGE	2022
14	POST ESCH/SAUER	2022

De Phänomen vun de Bancomat-Sprengungen ass, wéi dat schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 5965 vum 22. Mäerz 2022 erkläert gouf, scho méi laang an de Nopesch-Länner bekannt an d'Police schafft ganz enk am Ermëttlungsberäich esou wéi an der Präventioun mat hiren auslännesche Kollegen zesummen. De Modus Operandi ass am Ausland an hei am Land ähnlech.

Aus ermëttlungstechnesche Grënn kënnen keng chiffriert Informatiounen zu de geklauten Zommen matgedeelt ginn. De materielle Schued ass bei de meeschten Attacken allerdéngs héich.

Et gëtt an dësem Kontext nach emol op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 5965 vum 22. Mäerz 2022 verweisen, wou erkläert ass, dass d'Police säit Joeren an permanentem Kontakt mat der Banken-Associatioun ABBL steet, an regelméisseg de "*Protocole d'accord sur la sécurité dans les banques*" adaptéiert gëtt. De nationale Präventiouns-Service vun der Police mécht Recommendatiounen iwwert déi verschidde Méiglechkeeten, wéi een e Geld-Automat séchere kann, an dat an enker Zesummenaarbecht mat der ABBL.

Des Weideren ass ze bemierken, datt et keng zentraliséiert Erfassung vun der Ouverture voire Schléissung vun Bankautomaten gëtt.



Méi allgemeng ass awer ze bemierken, datt en Deel vun den Bancomaten, déi seit 2018 gesprengt goufen erem opgemaach hunn an anerer net. D'Grënn fir d'Re-Ouverture oder definitiv Schléissung vun Bankomaten ginn vun de Banken op base vun enger ganzer Rei Critèren geholl. Dës sinn onofhängeg Décisiounen vun de verschiddenen Banken, a sinn net ausschliesslech op d'Sprengung vun Bancomaten zeréckzeféieren. D'Primme vun den Assurance fir Bancomaten sinn kommerziell Informatiounen, déi der Regierung net virleien.

Zum Schluss ass ze bemierken, datt zu Lëtzebuerg d'Zuel vu Bancomaten 2020 bei 107 Stéck pro 100.000 Erwuessener louch, wat wait iwwert der Zuel an der Euro-Zone lait, wou ronn 64 pro 100.000 Erwuessener vun der Weltbank gezielt ginn. Zu Lëtzebuerg ass dës d'Zuel och iwwert, déi leschten 15 Joer relativ konstant bliwwen.

Lëtzebuerg, den 25. Abrëll 2022

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes